N°3593
Entrée le 09.03.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 3593 vum 4. Februar 2026 vum Här Deputéierten Yves Cruchten iwwer d'Zoumaache vun der CFL-Evasion Filial souwéi de Verkaf vun internationalen Zuchbilljeeën.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer d'Zoumaache vun der CFL-Evasion Filial souwéi de Verkaf vun internationalen Zuchbilljeeën. Déi follgend Informatiounen hunn CFL eis matgedeelt.

**Gesäit d'Regierung d'Schléissung vun CFL Evasion als e Réckschlag fir d'Reese mam Zuch?**

D'CFL Evasion huet niewent Zuchreesen och aner Reese verkaaft wouduerch d'Schléissung net als Réckschlag fir d'Reese mam Zuch gewäert ka ginn. Wéi Clienten hier Reese buchen huet sech iwwert déi läscht Jore verännert an dat ass och de Fall bei den Zuchreesen.

**Wéi vill Zuchtickete fir an d'Ausland sinn, opgeschlësselt op d'Joer, an de physeschen CFL Guicheten op der Gare 2023, 2024 an 2025 verkaf ginn?**

D'Zuele vun de physesch an de Guichete verkaaften internationalen Zuchbilljeeën hunn sech an de leschte Jore wéi follegt entwéckelt :

2023: 249 679 Tickete
2024: 237 589 Tickete
2025: 242 989 Tickete

**Wéi vill Tickete sinn am nämmlechten Zäitraum, opgeschlësselt op d'Joer, iwwert Ticketsautomate verkaf ginn?**

Iwwert d'Ticketsautomate goufen an deem selwechten Zäitraum follgend Unzuele verkaaft :

2023: 173 557 Tickete
2024: 186 690 Tickete
2025: 166 022 Tickete

**Wéi vill Leit hunn an der nämmlechter Period, erëm opgeschlësselt op d'Joer, Tickete fir an d'Ausland online, zum Beispill iwwert d'CFL International App, gebucht?**

D'Online-Buchungen iwwer déi digital CFL Kanäl hunn dës Entwécklung gewisen :

2023: 163 334 Tickete
2024: 175 645 Tickete
2025: 169 033 Tickete

**Wéi eng fënnef Länner waren an deene Joren déi heefegst Reesdestinatioun?**

Op Basis vun de virleiende Verkafsdonnéeën zielen déi follgend fënnef Länner zu de meescht gefrote Reesdestinatiounen :

1. Belsch
2. Däitschland
3. Frankräich
4. Holland
5. Schwäiz

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko BACKES